

1370

M. Jean Asselborn (LSAP).- No de Wale ginn d'Better jo ofgebaut! Da maache mer dat do och nach!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Da géif ech proposéieren, Här President, datt ech, wat „définir un label officiel“ ugeet, vläicht nach eng Kéier, wann Der mer déi Chance géift ginn, géif mat deem Aarbechtsgrupp, deen deen Dossier do ausgeschafft huet, Récksprouch huelen, fir ze kucken, ween dat soll kontrolléieren, ween dat soll ausschaffen, ween dat soll maachen.

Wann Der d'accord wiert, ...

(Interruption)

Une voix.- An d'Kommissioun, jo!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- ...fir dat vläicht ewech ze loosse a mer Vertrauen ze schenken, fir datt ech lech bei enger nächster Geleeënheet eng Kéier soen: Dat doten ass ze maachen oder net; datt een dat da vläicht kéint dëse Moment ewech loosse, fir dann eng Kéier doriwwer ...

M. le Président.- Här Lux, sidd Der domat ...

M. Lucien Lux (LSAP).- Also, ech sinn d'accord, dass mer haut iwwert den éischten „Invite“ ofstëmmen - do schéngt jo kee Problem ze sinn - an lech bei deem zweeten iwwert de Label dann d'Zäit ginn, fir dat an der Kommissioun vun der Famill eng Kéier ze diskutéieren!

Une voix.- Très bien!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- An op 2004 ze goen!

Plusieurs voix.- Jo!

Motion 2 modifiée

La Chambre des Députés

- *considérant que le projet de loi 4576 portant sur l'accessibilité des lieux ouverts au public s'applique à toute nouvelle construction relevant du domaine public et à celles qui sont réalisées moyennant le concours financier de l'Etat;*

- *considérant que les dispositions prescrites pour les nouvelles constructions constituent un pas important pour promouvoir l'accessibilité des lieux publics;*

- *considérant que les lieux publics existants ne font pas partie du champ d'application de la loi et ne feront donc pas obligatoirement l'objet d'une mise en conformité;*

- *considérant néanmoins la nécessité d'une extension des mesures d'accessibilité en vue de la mise en conformité des bâtiments existants,*

invite le Gouvernement

- *à lancer une campagne de sensibilisation pour inviter le secteur public et assimilé à faire des efforts pour rendre accessibles à tous les citoyens les lieux existants et à présenter en 2004 un bilan sur les résultats obtenus;*

- *à définir un label officiel attestant le caractère accessible d'une construction.*

(s.) Lucien Lux, Mady Delvaux-Stehres, Mars Di Bartolomeo, Jean-Pierre Klein, Marc Zanussi.

M. le Président.- Mir stëmmen iwwert déi ofgeännert Motioun of.

Vote

Ween ass dofir?

Ween ass dogéint?

Ech stelle fest, dass och déi Motioun ënnert deene Konditiounen, wéi dat elo gesot ginn ass, ugehall ass.

(Interruption)

Da kéime mer elo zur Diskussioun ...

Här Asselborn!

(Hilarité)

... vum Projet de loi 4742 iwwert d'Eurovignette.

Et sinn ageschriwwen: déi Häre Bodry a Graas.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

4. Projet de loi 4742

- 1) **portant approbation du Protocole modifiant l'Accord du 9 février 1994 relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds, vu la mise en vigueur de la Directive 1999/62/CE du Parlement européen et du Conseil de l'Union européenne du 17 juin 1999 relative à la taxation des poids lourds pour l'utilisation de certaines infrastructures, signé à Bruxelles, le 22 mars 2000;**
- 2) **portant modification de la loi modifiée du 24 février 1995 portant approbation et application de l'Accord relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds, fait à Bruxelles, le 9 février 1994**

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir et séier ze

maachen: Ech hunn ëmmer déi grouss Eier, den Endspurt hei an der Chamber unzezéien!

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Dat ass ëmmer fir en Athlet!

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Voilà! Dat ass gutt fir d'Form!

(Interruption)

Dir Dammen an Dir Hären, eng europäesch Direktiv vun 1993 erlaabt et de Länner aus der Unioun, Camione vun engem gewëssene Gewiicht u fir d'Benotze vu verschiddene Stroossen an hirem Land eng Tax, allgemeng als Eurovignette bezeechent, bezuelen ze dinn. Dës Eurovignette kann duerch eng intern Regelung vun all Land festgeluegt ginn. Verschidde Länner kënnen sech awer och accordéieren, fir eng gemeinsam Regelung anzeféieren.

Dat hunn och déi dräi Benelux-Länner mat Däitschland an Dänemark iwwert den Accord vum 9. Februar 94 gemaach. Spéider huet och Schweden dësen Accord ënnerschriwwen. Duerch d'Gesetz vum 24. Februar 95 huet Lëtzebuerg dësen Accord approuvéiert an d'Erhiewung vun der Eurovignette an eise Land reglementéiert, op Grond vun der spezifischer Situatioun, wat eist Stroossennetz ubelaangt.

1999 huet eng nei Direktiv déi ursprüngelech an deem Sënn ëmgeännert, datt se net méi en eenheetlechen, maximalen Tarif fir déi verschidde Gewiichtskategorien uféiert, mä e maximalen Tarif fixéiert op Grond vun enger europäescher Astufung vun de Gefierer, wat hir Ëmweltverschmutzung ubelaangt. Déi sechs Länner hunn doropshin den 22. Mäerz vum leschte Joer e Protokoll ënnerschriwwen, deem den Accord vun 1994 an deem Sënn ëmännert. D'Approbatioun vun deem Protokoll ass ee vun den Objete vun dësem Projet.

Doriwwer eraus huet d'Regierung dovun profitéiert, fir verschidde Problemer, déi d'Applicatioun vum Gesetz vu 95 opgeworf huet, ofzeänneren. Dës Ännerunge betreffe besonnesch deem Deel vun eise Stroossennetz, wou d'Vignette erhuewe gëtt, d'Ophiewe vun der Dispositioun, déi den Ënnerschied mécht tëscht dem Transport fir säin eegene Bedarf oder deem fir aner Leit, d'Staffellung vum Tarif no der Ëmweltverschmutzung vum Gefier, wat ech scho virdrun ernimmt hunn, an d'präzis Oplëschtung vun de Gefierer, déi keng Eurovignette brauchen ze bezuelen.

D'Chambre de Commerce begréisst besonnesch d'Ophiewe vun der Dispositioun, déi tëscht dem Transport fir den Eegebedarf an dem Transport fir anerer ënnerscheet. No där Dispositioun hunn nëmmen déi zu Lëtzebuerg immatrikuléiert Camione fir d'Benotze vun egal welcher Stroossen, also net nëmme vun den Autobunnen oder autobunnähnleche Stroossen, eng Vignette misse bezuelen, wa se en

Transport fir aner Leit bedriwwen hunn. Dëst war net nëmmen eng Diskriminatioun fir déi...

(Coups de cloche de la Présidence)

...zu Lëtzebuerg immatrikuléiert Camionen, mä déi Dispositioun war och schwéier ze applizéieren, well et net einfach ass festzustellen, ob e Camion fir säin Eegebedarf en Transport mécht oder fir en anere Betrib. Dofir gouf déi Dispositioun och aus dem Text erausgeholl.

De Conseil d'Etat huet a sengem Avis verschidde Bedenken ausgesprach, wat den Aklang vu verschiddenen Dispositiounen vum Projet mat der Constitutioun ubelaangt. D'Regierung huet sech dem Text vum Statsrot ralliéiert, an d'Chamberkommissioun huet an hirer Sëtzung vum leschte Méinden unanime beschloss, der Chamber virzeschloen, deem Text, sou wéi e vum Conseil d'Etat virgeschloen ginn ass, ze approuvéieren, an ech bréngen domat och den Accord vun eiser Fraktioun an.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, inhaltlech ass no den Ausféierunge vum Rapporteur net méi allze vill zu deem heiten Accord ze soen. Ech mengen, et ass e Fortschritt an deem Sënn, dass déi Notzungsrechter ewell no den Emissiounen vun de Camionen berechent ginn. Dat ass vläicht och e Modell, deem een zu Lëtzebuerg kéint am Beräich vun der Autossteuer seriö bedenken.

Et wär schonn, mengen ech, wichteg, dass een an deem dote Beräich net eleng géif vun der Leeschtung vum Auto ausgoen, mä effektiv och géif de Schued, de Risiko, deem e fir d'Ëmwelt duerstellt, berücksichtige bei der Festleeung vun eiser nationaler Autossteuer. Ech wär och frou gewiescht ze héieren - elo ass den Transportminister net present -, wat eventuell d'Iwwerleeung vun der Regierung op deem dote Plang sinn, ob...

(Interruption)

...et gewollt ass, vun hirer Säit aus, fir eis Autossteuer no ähnleche Kritären ze reforméieren, wéi dat hei de Fall ass.

Ech wëll awer nach zur Form e puer Bemierkunge maachen. Mir gi relativ liicht doriwwer ewech, mä ech muss soen, dass et awer schonn e staarkt Stéck ass, dass d'Regierung hei e Projet de loi presentéiert, dee ganzer véier Artikelen begräift, wou net manner wéi op véier Plaze vum Conseil d'Etat gemengt ginn ass, den Text géif géint d'Verfassung verstoussen! Ech

mengen, et ass bal e Rekord, a sou engem kuerzen Text souvill Schwieregkeete par rapport zum Verfassungstext opzewerfen.

De Conseil d'Etat mengt, eenzel Dispositiounen wäer géint den Artikel 101 vun der Verfassung. Op enger anerer Plaz mengt en, den Text vun der Regierung géif géint den Artikel 102 vun der Verfassung verstoussen. Op enger drëtter Plaz seet en, de Principe vun der *Légalité* des peines géif vum Regierungstext net respektéiert ginn, a schlussendlech wär och nach den Artikel 36 vun der Verfassung net respektéiert.

Et muss ee feststellen, dass d'Regierung zimlech liicht-fankeg bei der Ausaarbechtung vun hiren Texter virgeet. Ech hunn och festgestallt, dass an deem heite *Projet de loi* net manner wéi op sechs Plazen d'Regierung gär d'Recht hätt, fir iwwer *Règlement* grand-dual Prezisiounen zum Text eran ze ginn. Et ass all Kéiers do, wou se sech dat dote Recht wëllt gi loossen, wou de Conseil d'Etat Schwieregkeete gesinn huet an d'Regierung huet missen opmierksam maachen op d'Conformitéit zum Verfassungstext vun deem, wat se wëlles hat.

Also, op jidde Fall kritt d'Regierung hei, reng formal gesinn, keng bonne note ausgestallt, wat deem heite *Projet de loi* ugeet, an ech hoffen, dass dat och eng Léier ass fir aner Projeten.

Merci.

(Interruption)

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

(Interruptions)

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, wéi dat Gesetz hei den 21. Februar 1995 gestëmmt gouf - ech hunn dat elo mol alles nogelies -, dun huet een erausgespuert, datt op kenger Säit eng grouss Euphorie ausgebrach ass, an ech wëll hei nach eng Kéier déi fréier Transportministesch zitëieren. Déi hat deemools gesot, dat Gesetz géif kee frou maachen, awer et wier e Schrëtt an déi richteg Richtung.

Dat Gesetz hei huet effektiv eng laang Virgeschicht - déi wëll ech elo net méi am Detail hei énuméréieren -, an haut schwätze mer am Fong vun der zweeter Etapp vun deem Gesetz, wat jo d'Konsequenz ass vun der Direktiv 1999/62/CE vum 17. Juni 1999. Et geet hei ëm d'Aféierung vum Prinzip vun enger Vignette, déi jo u sech soll als Ursaach hunn, fir de Benotzer vun de Stroosseninfrastrukturen an den Entretienskäschten ze bedeelegen, wat vum Prinzip hier mat Sécherheet net falsch ass.

Wat een awer hei muss ervirhiewen, dat ass virun allem een Element, an zwar dat ekologescht Element, wat eben elo bei der Perceptioun vun där Vignette hei

dra kënnt. Ech muss éierlech soen: Här Bodry, ech sinn och emol eng Kéier Ärer Meinung! Ech fannen, et soll een dat als...

(Interruption)

...Ursaach notzen, fir sech Gedanken ze maachen, ob net och soll d'Autossteuer hei zu Lëtzebuerg no ekologesche Kritäre verrechent ginn. An deem Sënn soll een also déi Iwwerleeung maachen. Et ass dat, wat e positivt Element ass; datt eben elo hei d'Emissionswäerter d'Basis sinn, fir déi Taxatioun virzehuelen.

Et ass dann och positiv hei ze ernimmen, datt d'Differenz tëscht dem Transport à compte propre, respektiv deem pour compte d'autrui elo ofgeschaaft gëtt. Dat Argument, wat fréier benotzt ginn ass, datt u sech wahrscheinlech doduerch géifen eng Rei vu Camionneuren net d'Autobunn, mä Niewestroosse benotzen an doduerch d'Nuisancen an den Uertschafte géifen zouhuelen, kann also net méi spillen.

Sécher kéint een hei op dëser Plaz nach eng Rei Réflexiounen iwwert de Schwéiertransport u sech maachen, mä ech gesinn: Mir sinn zu fortgeschrittener Zäit, soudatt mer eis dat kënne fir eng aner...

(Interruptions)

...Kéier behalen, an an deem Sënn, wéi gesot, wëll ech dann och hei den Accord vu menger Fraktioun abréngen, net ouni awer vläicht nach op ee Punkt hinzewiesen!

Plusieurs voix.- Ah!

M. Gusty Graas (DP).- Dee betrëfft de Contrôle, well et esou ass, datt déi Vignette jo net, wéi dat bei der Autosvignette de Fall ass, wann een an d'Schwäiz oder an en anert Land fiert, affichéiert gëtt um Pare-brise, mä dat hei ass eben elo nëmmen e Certificat. Wann e Camionneur ugehale gëtt, da muss deem extra seng Pabeieren eraus huelen. Ech géif also mengen, et sollt een emol zur Iwwerleeung kommen, ob et net méi wichteg wär, déi Vignette géif sou affichéiert ginn, datt de Contrôle an Zukunft méi einfach kënnt gehandhaabt ginn.

Onofhängeg vun deene liichte Kriticken, bréngen ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här François Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si séier fäerdeg. Ech hätt eigentlech net ganz vill gesot, mä ech hat net dermat gerechent, dass im Eifer des Gefechtes haut den Owend esou vill positiven Elan hei ze verspiere wär, wat d'Erhéijung vun den Autossteieren ubelaangt.

Den Här Graas huet elo grad geschwat vu Rechnung droen de Belaaschtunge vun de Camionen op d'Stroossen a vu ganz gudden Initiativen. Mir hunn dat alles als Gréng mat engem immensen Optimismus opgeholl, well dat bestärkt eis an eisen Initiativen, déi an deenen nächste Méint wäerten an deem Beräich gestart ginn, a wou mer da gespaant sinn, wa mer dat diskutéieren, wat derbäi wäert erauskommen.

Ech wëll och drop hiweisen, dass par rapport zu dem Schued, deen d'Camionen un de Stroossen urrichten, an deem, wat bezuelt gëtt, souguer no där Reform, déi hei gemaach gëtt, dat ënnert dem Stréch nach ridicule ass. Ech héieren awer daitlech d'Signal eraus, och souguer vun der Majoritéit, dass de grouse Wëlle besteet, Ännerunge virzehuelen, a mir si gespaant, wa mer dat an deenen nächste Méint a Joren diskutéieren, virun allem bei der Autossteuer, wéi d'Reaktioun sinn. Ech wëll just drun erënneren, dass am September, Oktober am Kader vun der Uelechkris eng ganz Rei Lobbye scho geschwat haten, net fir d'Autossteuer en fonction vun der Ekologie ze erhéijen, mä fir se ganz ofzeschaffen.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Minister Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Här President, ech wëll selbstverständlech mech hei net iwwert den inhaltlechen Deel vun dësem Gesetzesprojet ausloossen, ech wëll just am Numm vun der Regierung a besonnesch vum Finanzminister dem honorablen Här Hauptert merci soe fir dee Rapport, deen en hei gemaach huet, mä awer och der Chamber merci soe fir déi Rapiditéit, mat där se dee Projet évacuéiert.

Ech wäert selbstverständlech dem honorablen Här Bodry seng Doléancen an déi Datzen, déi en ausgedeelt huet, mat op de Wee huelen an deene se weiderginn, fir déi se geduecht sinn.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen I bis IV si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4742.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass unanime mat 52 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux et Georges Wohlfart;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung si virgesinn en Dënschdeg, den 13. Mäerz um 15 Auer, e Mëttwoch de 14. Mäerz an en Donneschdeg, de 15. Mäerz jeweils muerens um 9 Auer an nomëttes um 14.30 Auer. Den Ordre du jour gëtt lech nach zougestallt.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.34 heures)